N° 8073
Entrée le 05.07.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 8073 vum 6. Juni 2023 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.**

Déi vum honorabelen Deputéierten ugeschwaten Ännerung vum Code de la Route wat den Alter beim Camionsführerschäin betrëfft ass wéi richteg geschriwwen am Mäerz 2022 op den Instanzewee gaangen. Well dëse Projet zu dem Moment just fäerdeg war, ass profitéiert ginn fir d'Modifikatioun vun der Altersgrenz beim Camion nach an dëse Projet mat dran ze huelen. An dësem Projet sinn awer och eng Rei Dispositiounen déi mat dem Projet de loi 7985 zesummen hänken. Ouni dëst d'Gesetz, kënnen dës Ännerungen am Code de la Route net a Kraaft trieden. A sengem Avis vum 23. Dezember 2022 huet de Conseil d'État awer dunn eng Rei formell Oppositioune formuléiert, esou datt d'Chamber huet Amendementer zum Text misse maachen, déi den 18. Abrëll un de Staatsrot gaange sinn. Dës Problemer am Projet waren esou net ze erwaarden.

Aktuell waarden mir elo nach op den Avis complémentaire zu dësen Ännerungen vum Staatsrot fir dann nach déi eventuell néideg Ännerungen am Projet de Reglement vir ze huelen.

Lëtzebuerg, den 5. Juli 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch